



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5806 vum 22. Februar 2022 vun den honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen an Här Fernand Kartheiser.

Wéi interpretéiert d'Regierung dës Zuelen? Ka si déi confirméieren? Wat bedeiten esou Zuelen am Hibleck besonnesch op déi demographesch Entwécklung vum Land?

Säit der Publikatioun vun der Etude Lair « Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg », déi de Gesondheetsministère an Optrag ginn hat, ass gewosst datt d'Evolution vun der Démographie médicale iwwer déi nächst 10 bis 15 Joer gekuckt net favorabel ass.

Wat mécht d'Regierung fir de Medizinstudium méi unzéiend ze maachen?

Engersäits, besteet säit kuerzem d'Méiglechkeet souwuel de Bachelor an der Medizin souwéi verschidde medizinesch Spezialitéiten wéi d'Neurologie, d'Oncologie médicale an d'Médecine générale op der Uni.lu ze maachen. Anerersäits kënnen d' « Médecins en voie de spécialisation », déi hir Spezialisatioun am Ausland maachen, eng Aide financière beim Gesondheetsministère ufroen.

Wat mécht d'Regierung fir Lëtzebuerg fir Doktere méi attraktiv ze maachen?

De Gesondheetsministère schafft drop fir den Dokteren méi Méiglechkeeten ze ginn wat d'Form vun der Zesummenaarbecht ugeet. An deem Kontext kënnen d'Generalisten, déi sech an engem Cabinet de groupe zesummen dinn, eng Prime d'installation vun 10.000€ ufroen.

Wéi vill Dokteren hei am Land hunn d'Lëtzebuenger Nationalitéit? Wéivill Doktere, déi hei am Land praktizéieren, kënnen Lëtzebuergesch gutt genuch schwätzen fir e Pateintegespréich an eiser Sprooch ze féieren? Wéi gëtt Lëtzebuergesch bei den Doktere promovéiert?

Vun den 3.249 Dokteren (Generalisten, Spezialisten an Zänn dokteren) déi 2021 aktiv hire Beruff hei zu Lëtzebuerg ausgeübt hunn, haten der 1410 d'Lëtzebuenger Nationalitéit. Wat d'Lëtzebuergesch Sprooch betrëfft huet de Gesondheetsministère keng weider Informatiounen wat d'Dokteren schwätzen. Ier se hier Autorisation d'exercer kréien ginn se an en Entretien bei de Collège médical oder vétérinaire wou d'Sproochkenntnisser festgestalt ginn. Fir d'Autorisation d'exercer ze kréien, musse si Franséisch oder Däitsch kënnen. Dësweideren engagéiere si hier disziplinaresch, zivil- a strofrechtlech Haltbarkeet, wann et, an der Ausüben vun hirem Beruff, duerch e Mangel u Sproochkenntnisser zu engem Feeler kënnt.

A wéi enge Spezialitéiten ass de Manktum un Dokteren am gréissten?

D'Madamm Lair ass an hirer Etude och op d'altersbedéngt Départen vun den Dokteren bis an d'Joer 2034 agaangen. Hei als Beispill déi 3 Spezialitéiten bei deenen de Prozentsaz deemools am héchste war: Neurologie (89,19%), ORL (87,18%), Médecine interne+oncologie (87,06%).

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert